



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. 6969 - Projet de loi relative à la profession de l'audit portant:
 - transposition de la directive 2014/56/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 modifiant la directive 2006/43/CE concernant les contrôles légaux des comptes annuels et des comptes consolidés;
 - mise en œuvre du règlement (UE) n°537/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux exigences spécifiques applicables au contrôle légal des comptes des entités d'intérêt public et abrogeant la décision 2005/909/CE de la Commission;
 - modification de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep;
 - modification de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;
 - abrogation de la loi modifiée du 18 décembre 2009 relative à la profession de l'audit
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. André Bauler
 - Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding
 - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
3. Ordre du jour
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
4. 6929 - Projet de loi relative aux fonds d'investissement alternatifs réservés et portant modification de:
 1. la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;
 2. la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 concernant l'impôt commercial communal;
 3. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
 4. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;
 5. la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés, et de
 6. la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. André Bauler
 - Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding, M. David Wagner
 - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
 - M. Laurent Mosar (parole après ministre), M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Franz Fayot (parole après ministre)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5. 6969 - Projet de loi relative à la profession de l'audit portant:
 - transposition de la directive 2014/56/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 modifiant la directive 2006/43/CE concernant les contrôles légaux des comptes annuels et des comptes consolidés;
 - mise en œuvre du règlement (UE) n°537/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux exigences spécifiques applicables au contrôle légal des comptes des entités d'intérêt public et abrogeant la décision 2005/909/CE de la Commission;

- modification de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep;
 - modification de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;
 - abrogation de la loi modifiée du 18 décembre 2009 relative à la profession de l'audit (suite)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
6. 6963 - Projet de loi
 - portant introduction en matière de taxe d'abonnement de l'obligation de dépôt électronique des déclarations par les organismes de placement collectif et les fonds d'investissement;
 - modifiant la loi modifiée du 22 frimaire an VII organique de l'enregistrement;
 - modifiant la loi modifiée du 21 ventôse an VII relative à l'organisation de la conservation des hypothèques;
 - modifiant l'article 2200 du Code civil; et
 - abrogeant l'article 2201 du Code civil
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. André Bauler
 - Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter
 - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 7. 6972 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2015/2376 du Conseil du 8 décembre 2015 modifiant la directive 2011/16/UE en ce qui concerne l'échange automatique et obligatoire d'informations dans le domaine fiscal et portant modification de la loi modifiée du 29 mars 2013 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Eugène Berger
 - Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. David Wagner
 - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 8. 6971 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Belgique sur l'assistance mutuelle en matière de sécurité civile, signé à Bruxelles, le 5 février 2015
 - Sans rapport et sans débats
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 9. Nomination d'un commissaire aux comptes de la Société Nationale de Crédit et d'Investissement (SNCI)
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
 - Vote sur la candidature unique
 10. Discours de M. le Président
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Pierre Gramegna, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Et gesäit esou aus, wéi wa mer prett wieren, an duerfir maachen ech d'Sëtzung op. E schéine gudde Mëtteg!

Ech froen direkt den Här Finanzminister, ob d'Regierung eng Matdeelung ze maachen huet.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Näischt Spezielles, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Da kënnen mer direkt zum Projet de loi 6969 iwwergoen, eng europäesch Direktiv, déi d'Prozedur vum Audit nei regele soll. An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur vum Projet, den Här André Bauler.

2. 6969 - Projet de loi relative à la profession de l'audit portant:

- **transposition de la directive 2014/56/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 modifiant la directive 2006/43/CE concernant les contrôles légaux des comptes annuels et des comptes consolidés;**

- **mise en œuvre du règlement (UE) n°537/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux exigences spécifiques applicables au contrôle légal des comptes des entités d'intérêt public et abrogeant la décision 2005/909/CE de la Commission;**

- **modification de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep;**

- **modification de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;**

- **abrogation de la loi modifiée du 18 décembre 2009 relative à la profession de l'audit**

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Audit-firme spillen an der heiteger Welt eng wichteg Roll, well se d'Konte vu grouse Firmen an Institutiounen ënnert d'Lupp huelen an esou sécherstellen, dass d'finanziell Situatioun, esou wéi se beschriwwen gëtt, och der Realitéit entsprécht.

Duerch dës Kontroll kënnen Drëttakteuren, zum Beispill potenziell Investisseuren a Kreditinstitute, ganz sécher sinn, dass dat, wat si an de Joresberichte lesen, der Wourecht voll a ganz entsprécht an dass d'Firma se net op d'Aen dréckt. An enger Welt, an där d'Kapital ganz mobill ass a wou Investitiounen dacks e ganz wichtegt Element fir de Wuesstum bedeiten, sinn d'Auditfirme souzesoen d'Wiechter vun den États financiers. Haut geet et drëm, dës wichteg Roll weider ze festegen, andeems besonnesch EU-wäit harmoniséiert Norme fir d'Professioun vum Audit festgehele ginn, dëst en vue vun engem funktionnéierende Bannemaart.

Här President, de Gesetzesprojet mat der Nummer 6969 gouf den 18. März 2016 vum Finanzminister déposéiert. Den 28. Abrëll huet

den Institut des réviseurs d'entreprises en Avis zum Gesetzestext ugeholl. D'Finanz- a Budgetskommissioun huet de Gesetzestext den 3. Mee ënnert d'Lupp geholl, ier de Statsrot dunn de 7. Juni säin Avis zum Text ofginn huet. D'Handelskummer huet hiren Avis och dësen Dag formuléiert. De 16. Juni huet d'Finanz- a Budgetskommissioun, och Cofibu genannt, eng Rei Amendementer festgehalen, déi de Statsrot de 5. Juli a sengem Avis complémentaires analyséiert huet. De schrëftleche Rapport gouf dunn den 8. Juli an der Cofibu guttgeheescht.

Schonn am Joer 1998 hat d'EU-Kommissioun festgehalen, dass et an der Europäescher Unioun keng harmoniséiert Approche gëtt, wat déi legal Kontroll vun de Konten ugeet. D'Direktiv 2006/43 vum 17. Mee 2006 war dunn e wichtige Schrëtt an d'Richtung vu gemeinsame Standards, wat d'Auditen ugeet. Et ass besonnesch ëm d'Konditiounen vum Agrément a vum Enregistrement vun deene Persounen gaangen, déi en Audit maachen, genau sou wéi ëm d'Onofhängegkeet vun den Auditfirmen.

Dëst ass wichteg, wann eng fair, eng gerecht Konkurrenz tëschent den Auditfirmen an der EU erreicht soll ginn, dat andeems d'Servicer vun deenen eenzelne Firms vergläichbar kënnen sinn oder kënnen ginn. Dës Direktiv ass duerch d'Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert de Beruff vum Audit an eist nationaalt Recht iwwerdroe ginn.

Am Joer 2014, also no der Finanzkris, war d'EU-Kommissioun der Meenung, dass d'Transparenz an d'Objektivitéit vun den Auditfirmen nach ze wënschen iwwreg loosse géifen, dëst och, well d'Auditfirmen an deene Jore virun der Kris hir Aarbecht net ëmmer esou gemaach hunn, wéi se hätte sollen. Wann d'Investisseu-

ren den Auditfirme selwer awer net méi gleewen, well deenen hir Reputatioun ugeschloen ass, da fléisst natierlech vill manner Kapital duerch d'Ekonomie.

D'Kommissioun huet des Weideren och drop higewisen, dass et néideg wier, nach méi eng harmoniséiert Approche zu esou Auditen ze hunn. Si huet duerfir eng Direktiv op de Wee bruecht, déi dës Problematik an de Grëff kréie soll, d'Direktiv 2014/56 vum 16. Abrëll 2014.

Här President, op dëser Plaz geet et drëms, déi ugeschwaten Direktiv an eist Lëtzebuerger Recht ze transposéieren. Mir abrogéieren dat besteeënd Gesetz vum 2009 a schreiwen d'Regelen zu den Auditfirmen nei, dëst fir d'Qualitéit vun esou Auditen ze verbessern. Et geet besonnesch ëm d'Onofhängegkeet vun den Auditeuren, déi gestärkt soll ginn, an ëm d'Aféierung vu strenge Regeln an dësem Kontext. Fir eng héich Qualitéit vun Informatiounen, déi an esou engem Audit matge- liwwert ginn, ze garantéieren, ginn international Auditnorme benotzt, fir déi legal Kontroll vun de Konten duerchgeföhren.

Doriwwer eraus heescht et och, d'Iwwerwachung vun den Auditfirmen ze verbessern EU-wäit, dëst duerch onofhängeg Iwwerwachungsautoritéiten, déi iwwer Sanktions- méiglechkeete verfügen an och de Pouvoir hunn, fir eng Enquête kënnen duerchgeföhren.

Ech wëll drop hiweisen, dass d'CSSF an dësem Kader Reklamatiounen vun Drëttpersounen unhuele kann. Esou gëtt awer och zum Beispill en europäesche Pass oder Passeport fir d'Ser-



vicë vum legale Contrôle vun de Konten agefouert, dat an der Optik, fir ee Marché unique ze verwickelen. Des Weidere gëtt d'Koordinatioun tëschent den nationale Kontrollautoritéit verbessert, andeems de sougenannte Committee of European Auditing Oversight Bodies geschafe gëtt, deen all déi national Institutionen zesummenzitt.

Mat dësem Gesetzesprojet ginn awer och nach punktuell Ännerungen um Gesetz vun 2009 virgeholl, déi iwwert d'Ëmsetzung vun der europäescher Auditreform ginn. Dozou gehéiert eng Ausdehnung vun de Befugnisse vum Réviseur d'entreprises. Doriwwer eraus kritt d'CSSF, wéi d'éinescht bemierkt, d'Kompetenz, fir Reklamatiounen vun Drëttpersonen entgéintzuehuelen, wann et ëm de legale Contrôle vun de Konte geet.

Här President, d'Kontabilitéit ass haut eng héich technesch a prezis, well norméiert Sprooch, an d'Auditfirmen musse kucken, dass dës Sprooch richtig benotzt gëtt, well wann et zu Iertümmer an der Kontabilitéit kënnt an déi ginn net behuewen, da kann et an eise moderner Finanzsystem oder Finanzapparat zu Feelentwécklungen kommen. Et ass duerfir nëmme richtig, dass mir haut en Text virun eis leien hunn, deen de Beruff vum Audit oder Auditeur stäerkt, soudass dës Leit hirer Aarbecht an aller Seriositéit bezéiungsweis Gewësshaftegkeet nogoe kënnen.

Dat gesot, soen ech alle Bedeelegten, dem Finanzminister, senge Beamte Merci. Ech wëll dat bei dësem Merci och beloossen. Ech ginn natierlech och heimat den Accord vun der demokratescher Fraktioun. An, Här President, ech bedanke mech fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur fir säin exzellente Rapport. *(Interruptions et hilarité)*

An ech géif schonn am Virus dem Här Laurent Mosar Merci soen.

(Hilarité générale)

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir sidd ze schnell de Mëtten!

Merci natierlech och vun eiser Säit un eisen exzellente Rapporteur André Bauler, deen amgaangen ass, sech zu engem ausgewiesene Finanzspezialist ze entwéckelen. Vu datt den Här Bauler esou kloer an detailléiert a sengen Aussoe war, brauch ech eigentlech net ganz vill derbäizesetzen. Ech wollt trotzdem nach eng Kéier déi dräi Hauptpunkte vun dësem Projet de loi resüméieren, wat eng Transpositioun vun enger Direktiv ass.

Fir d'Alleréischts gëtt nach eng Kéier d'Roll vum Auditeur ganz kloer definéiert.

Zweetens - an dat ass e Punkt, mengen ech, Här Finanzminister, dee gëtt ëmmer méi wichteg -: Och hei gëtt den europäesche Pass agefouert. Mir hunn an deene leschten Deeg, besonnesch am Kontext vum Brexit, ëmmer erëm héieren, wéi wichteg deen europäesche Pass ass, fir datt och an Zukunft kënnen allegueren déi Auditeuren, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, och vun deem europäesche Pass profitéieren, wat hinnen dann och d'Méiglechkeet gëtt, am EU-Ausland aktiv ze sinn.

An da ginn awer och eng Rei vun internationalen Norme weider fortgeschriwwen. Och dat ass en äusserst wichtige Punkt.

Ech wollt vläicht ganz kuerz, Här Finanzminister, zwee Punkten eng Kéier kuerz uschneiden, an ech wär och frou, wann Der eis vläicht herno kéint do déi eng oder aner Äntwert ginn.

Fir d'Alleréischts ass et jo esou, datt dat hei en extrem komplexen Dossier ass mat schrecklech villen Artikelen. Wéi gesot, de Rapporteur huet versicht, sech do derduerch ze Beginn. An do sinn natierlech eng ganz Rei vun Dispositiounen, déi si relativ flou, wat och net aneschtens ka si bei esou engem Projet. An do, mengen ech, schéngt mer wichteg ze sinn, datt awer elo op verschidde Punkten d'CSSF Prezisiounen gëtt fir d'Professioun vum Audit, wéi och sollen déi Artikelen ausgeluecht ginn. Ech wëll och do op den Avis vum Institut des réviseurs hiweisen, dee sech och mat där doter Thematik beschäftegt huet. Also ech wier wierklech frou, wann och esou schnell wéi méiglech d'CSSF do kéint Prezisiounen ginn.

Ech wëll och soen, ech gesinn dat net als en Nodeel, datt hei op enger Rei vu Punkte mer net ze vill prezis sinn. Dat gëtt eis och eng gewësse Marge de manœuvre. Mä et wier awer trotzdem wichteg, Här Finanzminister, wann

do d'CSSF relativ schnell géif déi Prezisiounen ginn.

En zweete Punkt, wou ech lech wollt sensibiliséieren - mä ech mengen, Dir sidd sensibiliséiert -, dat ass natierlech, wann elo deen europäesche Pass do agefouert gëtt, heescht dat jo och, datt aner Auditeuren direkt hei kënnen op Lëtzebuerg kommen. Déi kënne sech och melle fir ëffentlech ausschreiwungen. Dat ass ëmmer eppes, wat fir eng relativ grouss Konkurrenz ka suergen.

Mir ass an der zoustänneger Kommissioun vun Äre Leit gesot ginn, datt do awer gewësse Konditiounen wäeren, notament datt, wann auslännesch Auditeure kommen, se missten awer hei zu Lëtzebuerg e Büro hunn, datt se eigentlech net einfach esou kéinte kommen. Wéi gesot, ech wollt lech nach eng Kéier fir deen dote Sujet sensibiliséieren.

Pour le reste si mir natierlech mat deem Projet de loi d'accord a mir ginn och eis Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann huet d'Wuert den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kollegeen a Kolleginnen, Här Minister, wa mer haut iwwert den Audit schwätzen, denke mer natierlech allegueren haapt-sächlech emol un d'Big Four. An ech géif gären hei drun erënneren, dass virun net allze laanger Zäit déi Big Four nach hei zu fénnef wäeren. Ufank 2000er Joren, kënnt Der lech erënneren, ass Arthur Andersen am Sog vum Enron-Skandal ënnergaangen. An deemools ass dunn an der Nofolleg dozou the Sarbanes-Oxley Act an Amerika verabschit ginn.

De Sarbanes-Oxley Act, dat war e Gesetz, wat als Eischt méi schaarf Regelen am Beräich vum Audit édictéiert huet. Et huet deemools fir déi éischte Kéier déi Notioun vu Conflit d'intérêts an d'Auditprofessioun mat erabruecht an et huet d'Auditfirmen dozou gezwongen, sech anescht opstellen. An d'Reaktiounen am Europa koumen dunn e puer Joer méi spéit an der Form vun der Direktiv 2006/43, déi de Rapporteur André Bauler a sengem gudden Rapport mentionnéiert huet an déi mer hei am Dezember 2009, also scho mëtten an der Finanzkris, transposéiert hunn an eist Gesetz.

Wat ass dunn 2008/2009 geschitt an der Finanzkris?

Ma et ass erauskomm, dass eng Partie Auditfirmen, wéi scho gesot ginn ass, hir Aarbecht net esou seriö gemach hunn, wéi se hätte vläicht sollen, an dass eng ganz Partie Firme falsch oder op d'mannst keng ganz prezis Konten hatten an den Audit also defizitär war. An elo, eben elo Mëtt 2016, transposéiere mer deenen, den nächste Schrëtt an der Supervisioun vum Audit.

Dat ass eng Direktiv, déi scho länger Zäit ënnerwee ass, déi scho laang diskutéiert ginn ass, an déi Direktiv huet eben zum Zweck, fir den Audit besser, also nach méi wahrheitsgetreu ze maachen. Bei dësem Gesetz sinn am Wesentlechen déi grouss Entreprises, cotéiert Entreprisë beträff. Dat sinn déi, déi een Entités d'intérêt public nennt. An och hei geet et erëm eng Kéier, e bëssen äänlech wéi ëmmer an deenen Diskussiounen, och schonn deemools beim Sarbanes-Oxley Act, ëm d'Onofhängegkeet vun den Auditeuren.

D'Auditeuren, déi op där enger Säit den Audit maachen, also de Contrôle vun de Konte vun enger Gesellschaft, an op där anerer Säit awer Services annexes ubidden, wéi Conseil an der Steuerberodung zum Beispill oder Conseil am Domaine réglementaire, hunn - an do brauch ee keen Expert ze sinn, fir dat ze verstoen - en natierleche Conflit d'intérêts, well wann een op där enger Säit enger Entreprise Servicé verkeeft an op där anerer Säit soll hir Konte kontrolléieren, da kann dat, dat eent op dat anert, wat d'Impartialitéit ugeet, en negativen Effet hunn.

An d'Fro ass diskutéiert ginn an der Cofibu. An d'Fro kann ee sech och stellen, ob elo mat dëser Direktiv an dësem Gesetz déi Problemer, wat d'Impartialitéit an d'Conflit-d'intérêts ugeet, ganz aus der Welt geschaaft sinn.

Ech fir mäin Deel sinn do skeptesch. Déi Direktiv an dat Gesetz hei si sécher e Schrëtt an déi richteg Richtung, mä et ass awer och kloer, dass et e Kompromëss, eng Kompromëssléisung ass, notament wat de Principe de rotation ugeet, d'Dauer vun deem Principe de rotation, dass dat sécher keen Allheilmittel ass.

Dat gesot, sinn hei e puer gutt Elementer derbäi, op déi ech géif gär ganz kuerz agoen. Dat éischt Element, dat ass eben de Principe de rotation. Dëse Prinzip erlaabt et, dass esou eng Entité d'intérêt public net éiweg vun darselwechter Auditfirma kontrolléiert gëtt. Et gëtt hei e Principe de rotation no 20 Joer, mengen ech, wou no zéng Joer muss en Appel d'offres gemach ginn, fir deen Auditeur ze remplacieren.

Dat ass laang, ëmmer nach ganz laang. An och do kënne sech Verkrustungen bilden, an ebe wéinst där Relatioun, déi sech ganz staark mécht iwwer esou eng Zäit, kann dat en Effet hunn op d'Qualitéit vum Audit. Mä et geet an déi richteg Richtung.

Den zweete Punkt ass dee vun der Limitatioun vun de Services annexes. Auditfirmen kënnen elo just nach 70% vun hire Revenuen duerch Services annexes maachen, 70% par rapport zu deem Chiffer, dee se um Audit maachen. Dat ass eng Limitatioun, déi och, bon, déi net alles léist, mä déi awer och an déi richteg Richtung geet.

Da kënnt och nach eng Kreatioun vun deem Committee of European Auditing Oversight Bodies. Och dat ass eng Verbesserung. An da schlussendlech féiere mer och, an dat ass interessant, nach e Whistleblowing an am Beräich vum Audit, wou u sech dann, äänlech wéi et dat elo scho bei der CSSF gëtt an och äänlech wéi bei de Fongen, eben Employéë vun Auditfirmen, wa se dann Infraktiounen zu de Regele constatéieren, kënnen do dat melle beim Régulateur.

Voilà, aus all deene Grënn, well dat hei an déi richteg Richtung geet, si mir och als LSAP fir dësse Projet de loi. Ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An ech ginn elo d'Wuert der Madamm Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Mir bleift just nach den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, Merci, Här President. Och d'ADR wäert dësen Text matstëmmen. Mir félicitéieren dem Rapporteur! A virun allem och dem Franz Fayot seng Explikatiounen ware ganz opschlüssräich. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hu keng weider Wuertmeldungen, ginn dann direkt d'Wuert weider un de Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, ech freeë mech natierlech driwwer, dass mer hei e Konsens hunn, fir déi heiten Direktiv an d'Lëtzeburger Recht ëmzesetzen. Vläch e Wuert iwwert d'Wichtigkeet vum Secteur vun der Révision a vum Audit zu Lëtzebuerg. Dat ass e Chiffre d'affaires zu Lëtzebuerg vun enger Milliard Euro. Dat stellt 2% vun eisem Räichtum duer, 2% vun eisem PIB.

De Franz Fayot huet ganz richtegerweis den Historique gemach, wéi wichteg deen Domän ass a wéi deen evoluéiert huet, an huet och drop higewisen, wéi wichteg a komplizéiert dee Secteur ass. Ech géif och gären dem Rapporteur André Bauler Merci soe fir säi Rapport, deen och d'Wichtigkeet vun der Direktiv ënnerstrach huet.

Well mir eng grouss international Finanzplatz sinn, ass natierlech de Service, deen d'Reviseure bréngen, vun extrem grousser Wichtigkeet. A well et esou e Stellegwärt huet, hu mer och drop gehalen, fir esou séier wéi méiglech dës Direktiv ëmzesetzen. Mir sinn och eent vun deenen éischte Länner an Europa, wat dat mécht.

Zum Projet selwer. D'Direktiv 2014/56, déi verschafft och iwwerschaaft dat Gesetz vun 2009, wat mer haten. Do gesäit een also, dass an deem heiten Domän relativ vill Evolutiounen sinn.

Déi zwee Hauptpunkte vun der Direktiv si schonn ugeschwat ginn. Deen éischten ass d'Obligatioun vun enger Rotatioun bei de Réviseure maximal no zéng Joer. All zéng Joer soll also eng Entreprise hire Réviseur änneren. Et gëtt zwar eng Méiglechkeet, fir et ze verlängeren, mä da muss een et awer frësch par appel d'offres public ausschreiwen. Ech verstinn déi Kritik, déi seet, zéng Joer ass awer och nach eng relativ laang Zäit. Fir déi, déi a verschiddeenen Entreprene tateg sinn, déi wëssen, dass d'Entreprene an der Pratique zu Lëtzebuerg en fait scho virun zéng Joer eng gewësse Rotatioun aféieren.

Deen zweete Punkt ass effektiv d'Separatioun tëschent den Aktivitéiten vum Audit op där enger Säit an der Aktivitéit vun der Berodung vun de Firmen. An do ass et relativ kloer, dass hei eng gewësse Limitéit agesat gëtt vu 70%, wou ee wahrscheinlich eréischt mat der Pratique ka feststellen, ob dat duegeet. Mä mir hunn eis hei ugeleent un dat, wat d'Direktiv virginn huet.

Mir hunn och, wat d'Conflit-d'intérêts ube-laangt, net ganz vill missen zu Lëtzebuerg änneren, well mer d'Regele vun der International Federation of Accountants zu Lëtzebuerg hei ganz staark applizéieren an der Pratique. An dofir waren eis Akteuren dorobber scho virbereet.

Elo zu engem ganz wichtige Punkt, deen och den Deputéierte Mosar évoquéiert huet, dee vum europäesche Pass. Et ass esou, dass duerch déi Direktiv hei e Réviseur d'entreprises, deen an engem anere Land an der EU etabléiert ass, ka Revisiounen hei zu Lëtzebuerg maachen. A mir hunn do virgesinn, dass dat natierlech méiglech ass, well dat de Marché unique och hiergëtt an dat dës Direktiv virgesäit, awer mat enger gewëssener Restriktioun, andeem mer exigéieren, dass den Haaptpartner, deen d'Revisioun mécht, hei zu Lëtzebuerg muss etabléiert sinn.

Dës Konditioun hate mer och schonn am Gesetz vun 2009. An ech mengen, dass dat de richtigen Équilibre ass tëschent de libres Prestations de services vum Bannemaart op där enger Säit an awer och enger nécessaire Ubannung vum Réviseur un eist Land, fir dass och d'CSSF kann hir Kontrollen hei exercéieren.

Zum Schluss nach zwee Punkten, an zwar, dass mer och de Rayon d'action oder d'Kompetenze vun de Réviseure méi breet gemach hunn. Si kënnen en fait elo alles maachen, mat Ausnam vum Audit. Do maache mer also hire Rayon d'action méi breet.

An dat Zweet, wat ech nach wollt soen, dat ass, dass elo och Reklamatiounen vun Tiersé kënne bei der CSSF ugemellt ginn.

A leschtens wollt ech den Här Mosar rassurieren, dass ech och effektiv d'CSSF wäert drop opmierksam maachen, ech hat dat och wëllen, dass natierlech d'Circulären oder d'Prezisiounen, déi néideg sinn, sollen esou séier wéi méiglech gemach ginn, an engens wou ee sech awer vlächet och inspiréiert un deem, wat an deenen anere Länner gemach gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Mir sinn domat um Enn vun den Diskussiounen iwwert de Projet ukomm a mer kënnen elo iwwert de Projet de loi 6969 ofstëmmen.

D'Ofstëmmung fänkt un - misst eigentlech ufänken.

(Interruptions diverses)

Mir ginn dem Apparat nach eng Chance.

(Brouhaha)

Ech mengen, en huet en Ermüdungsbroch.

(Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - E wäert schonn am Congé sinn.

3. Ordre du jour

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, ech mengen, mir ginn zum nächste Projet iwwer.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An da maache mer d'Votten, wann d'Maschinn erwächt ass.

Kréie mer eng Meldung?

(Concertation interne)

De System huet sech e bëssen opgehaangen. Dat ass awer kee weidere Problem. Mir huelen en erof.

Da gi mer op deen nächste Projet iwwer, de Projet 6929, deen en neie Statut fir alternativ Investitiounsfonge schaaft. An d'Wuert huet direkt erëm deeslewechte Rapporteur, den Här André Bauler.

4. 6929 - Projet de loi relative aux fonds d'investissement alternatifs réservés et portant modification de:

1. la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

2. la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 concernant l'impôt commercial communal;

3. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

4. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

5. la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés, et de